

een natierlech och kucken, an dat stoung och schonn deemools an deem legislativen Dossier dran, dass een och misst nach eng Kéier kucken no där viregter Reform – déi jo elo hei e bëssen erëm réckgängeg gemaach gëtt, wat ech awer absolutt verstinn –, wou ee konnt no engem Joer schonn nom Barreau an d'Magistratur goen, fir elo weider Schrëtt ze maachen.

Dofir fanne mer dat positiv, dat hei elo ze probéieren. Och déi Adaptatiounen, déi en cours de route nach gemaach gi sinn, fanne mer eng gutt Saach, no den Avisen, déi komm sinn.

Dat Eenzegt, wat ech e bëssen ze bedenke ginn: Et si jo ganz nei Erfarungen, déi een hei sammelt. Et si jo elo wierklech da Leit, déi an d'Magistratur kommen, déi eventuell nach ni e Geriicht vu banne gesinn hunn, déi dann als Riichter schaffe mussen. An ech denken, dass do am Kader vun der Formation eng ganz richteg Roll ze spillen ass. An och denken ech, dass een dat Ganzt muss evaluéieren a gegeebene-falls kucken, ob muss nogebessert ginn oder net, ob déi Riichter hei och esou séier kënne fonctionnsfäeg sinn, wéi dat bis elo ëmmer de Fall war.

Mee ech fannen awer, dass et wichteg ass, dass ee sech deene Saachen net verschléisst an dat dann och probéiert an dann eebe kuckt, déi néideg Evaluatioun duerno ze maachen, ob et seng Friichte gedroen huet.

Ech ginn den Accord vun deene Gréngen.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci, Madamm Tanson. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass kloer, dass e Mangel u Magistraten dozou féiert, dass d'Delaien op de Geriichter net méi kuerz ginn, an dofir war et nëmme ze begrëssen, wéi als Éischt de Rekrutementsplang erhéicht gouf, fir méi Magistraten ze rekrutéieren. An elo ass eeben déi logesch Konsequenz, dass mer eis dann och d'Moyene musse ginn, fir déi Magistrate kënne ze rekrutéieren, déi mer am Plang virgesinn hunn. Well dee beschte Plang hëllef eis nâischt, wa mer en herno net kënne erfëllen.

An deementspriedend ass dat heiten, mengen ech, e wichtige Schratt, deen och eis Ënnerstëtzung fënn, wou ee sech natierlech an den Detailer – an dat ass jo och an der Kommissioun in extenso zum Deel diskutéiert ginn – ka reiwen. Mee ech mengen, um Enn vum Dag ass dat heiten e Gesetz, wat eis erméigleche kann, déi néideg Magistraten ze rekrutéieren. An ech hoffen, dass et dat dann och erfëllt.

Et ass bëssen nach nom Prinzipp Hoffnung, muss ech soe vu menger Säit, fir haut ze soen: Ech hoffen, dass en et erfëllt, mee ech hunn awer ganz grouss Hoffnung doranner.

An dofir kann een deen Text hei matstëmme, fir eeben dat Zil ze erreechen, dass d'Delaien op de Geriichter erofginn, dass mer eng méi séier Justiz kréien an dass mer déi néideg Magistraten dann eeben och rekrutéiert kréien. Dat ass d'Zil, an dofir e Jo vun de Piraten.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizminis-tesch Elisabeth Margue. Madamm Margue, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Ech géif ufänken an dem Rapportier e

Merci soe fir säi Rapport. An da géif ech awer och gären all de Membere vun der Justizkommissioun an dem Staatsrot Merci soen, déi et duerch hir séier Aarbecht erlaabt hunn, dass mer dee Projet, dee mer d'lescht Joer vum Summer deposéiert haten, konnte splécken an hei schnell een Deel vum Accès op d'Magistratur scho kënne stëmme, fir notament ze erlaben, dass schonn dës Joer kënne d'Magistrate rekrutéiert ginn. Dee Prozess, dee leeft normalerweis am spéide Fréijoer un, a schonn dës Joer wäerten déi heite Konditiounen sech da kënne applizéieren.

Et ass och déi logesch Suite vun dem Plan pluri-annuel, dee mer d'lescht Joer am Summer hei gestëmmt hunn. Mir erlaben elo, nodeems mer zousätzlech Poste geschaf hunn, och zousätzlech Rekrutierungsméiglechkeeten, andeems d'Juriste souwuel aus dem öffentleche wéi aus dem private Secteur kënne postuléieren fir d'Magistratur, an doduerjer hoffentlech d'Zuel vu Kandidaturen an d'Luucht geet.

Ech wëll awer och ënnersträichen, dass dat nâischt ännert un der Qualitéit vun de Rekrutementen, well d'Aart a Weis, op déi déi verschidde Kandidaturen evaluéiert ginn, bleift déi selwecht: Et ass entweder no zwee Joer Berufserfahrung dann en Examen, oder no fënnf Joer kann een iwwer Dossier postuléieren. Dat Eenzegt, wat ännert: Et kommen einfach méi Leit a Fro, fir eng Kandidatur ze stellen.

Zousätzlech mussen natierlech Efforte gemaach gi fir d'Ausbildung vun de Justiz-Attachéen. Dat ass och zum Deel den Objet vun dem zweeten Deel vum Projet, dee mer, wéi gesot, ofgespléckt hunn an dee mer natierlech weider wäerten an der Prozedur féieren, mee wou mer dann och mussen op den Avis vum Staatsrot waarden an dann deementspriedend Adaptatiounen maachen, wann néideg.

Zousätzlech schaffe mer och un engem Projet – dat steet och am Accord de coalition – fir eng Filière parallèle, fir nach méi Magistraten och ze rekrutéieren, déi eng gréisser Erfahrung hunn an eng besonnesch Spezialisatioun. An d'Hoffnung ass, dass mer kënne och déi Kandidaten unzéien, andeems mer et eeben attraktiv maachen, an d'Magistratur ze kommen, och nodeems een eebe schonn eng ganz Rei Erfarungen an engem anerene Domän gesammelt huet.

An enger éischer Phas wäert deen dote Projet op d'Verwaltungsgeriichter applizéiert ginn an dann deementspriedend, wann et Succès huet, och kënnen ausgeweit ginn. Dat heiten ass op alle Fall eng wichteg Etapp, fir kënne zousätzlech Magistraten ze rekrutéieren an deem Manktum, dee mer wierklech scho méi wéi eng Kéier hei diskutéiert hunn, och entgéintzewierken.

Ech soen Iech e grouse Merci fir déi breet Ënnerstëtzung.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Merci der Madamm Justizminis-tesch Elisabeth Margue.

D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8433A. Den Text steet am Document parlementaire 8433A⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8433A et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Da komme mer elo zum Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmege ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie

Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gérard Schockmel) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par M. Georges Engel), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

14. 8488 – Projet de loi portant modification de la loi du 20 juillet 2018 portant réforme de l'administration pénitentiaire

Mir komme elo zum leschte Punkt vun haut de Mët-teg, zum Projet de loi 8488 iwwert de Rekrutement vum Direkter a vum Soudirekter vum zukünftege Centre pénitentiaire fir Mannerjäreger. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert kritt elo d'Madamm Rapporteuse vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapporteuse | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Gestioun vum Prisongswiesen ass eng vun de wichtige Missiounen vum eiser Justiz.

(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)

Eng gutt organiséiert an effizient funktionéierend Prisongsverwaltung ass essentiel, fir d'Grondrechter vun all deenen, déi am Prisong eng Strof mussen of-sëtzen, ze garantéieren, sou och vu mannerjäregen Delinquanten.

An deem Kader sinn d'Schafung vun engem Strof-recht fir Mineuren esouwéi och vun engem Prisong fir Mannerjäreger wichteg Schrëtt. Dës Projet vu grousser Envergue verlaangt net nëmme eng Adaptatioun vun eise Gesetzskader, mee och eng strateegesch Planung vun der Infrastruktur souwéi vun der Personalbesetzung.

Dofir ass et néideg, de künftege Jugendprisong am Gesetz iwwert d'Prisongsverwaltung vun 2018 ze verankeren an de Rekrutement vum Direkter a vum Directeur adjoint vum neie Centre pénitentiaire vir-zéien. Nëmme esou kënne déi verantwortlech Persounen sech aktiv an d'Planung vum neie Bau mat abréngen a sech mam Bau familiariséieren, eier dë-sen a Betrib geet – eng Approche, déi scho beim Pri-song Uerschterhaff mat Succès applizéiert gouf.

Une voix | Très bien!

Mme Stéphanie Weydert (CSV), rapporteuse | Beim Uerschterhaff huet dës der Direktioun erméiglecht,

perfekt iwwert déi technesch an infrastrukturell Aspekter vum neie Prisong informéiert ze sinn, wat wichteg ass, wann ee fir dës Gebaier an och déi Inhaftéiert responsabel ass.

D'Zil vum dësem Gesetzesprojet 8488 ass soumat, d'Direktioun vum kënftege Jugendprisong esou séier wéi méiglech ze rekrutéieren an dann eeben och de kënftege Jugendprisong am Gesetz vum 2018 ze verankeren, soudatt dëse Volet aus dem Gesetzesprojet 7991 iwwert d'Jugendstroferecht ofgespléckt gëtt.

D'Justizministesch Madamm Elisabeth Margue huet dëse Gesetzesprojet den 28. Januar 2025 deposéiert. De 6. Februar gouf de Projet un d'Justizkommissioun verwisen, wou en dann de 27. Februar presentéiert gouf an ech zur Rapportrice ernannt gouf. De Staatsrot huet a sengem Avis vum 25. Februar 2025 Gréng Luucht fir dëse Projet ginn an de Rapport gouf de 6. Mäerz 2025 an der Kommissioun ugeholl.

Domat schléissen ech mäin Exposé als Rapportrice a ginn och direkt den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Gesetzesprojet. Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Weydert, fir de schrëftlechen a fir de mündlechen Rapport.

An dann hätt den Här Guy Arendt d'Wuert. Här Arendt.

Discussion générale

M. Guy Arendt (DP) | Jo. Merci, Här President. Ech mengen, et ass alles scho gesot. Et ass wichteg fir eis op alle Fall, dass mer am Virfeld schonn eng Direktioun, en Direkter an en Directeur adjoint, bestëmmen, déi d'Begleedung vum dem Projet mat iwwerhëlt, déi och d'Weiche ka stellen, esou wéi mer d'Erfahrung och um Uerschterhaff gemaach hunn. A mir kënnen dat nëmme begrëissen, well dat en Avantage ass fir de Projet.

An dofir kann ech och nëmme den Accord gi vun eiser Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Här Biancalana.

M. Dan Biancalana (LSAP) | Merci, Här President. Och säitens vun der LSAP wäerte mer dëse Gesetzesprojet effektiv matstëmmen, well et wichteg ass, sech en Direkter an och e Soudirekter ze ginn, fir effektiv, mengen ech, dësen neie Centre pénitentiaire pour mineurs kënnen opzebauen an och ze geréieren. An ech mengen, mir wäerten do, wat d'Infrastruktur selwer ugeet, jo och nach eng Kéier an dësem Haus driwwer schwätzen.

Ech wollt awer e puer grondsätzlech Remarque maachen, déi ech och an der Justizkommissioun gemaach hunn: Mir hunn och, mengen ech, hei e Gesetz virleien, wou d'Missiounen an Objektiv definéiert gi vum Centre pénitentiaire vu Schraasseg, vun deem vu Giwenech, vun deem vum Uerschterhaff an och vum Centre de formation fir d'Agents pénitentiaires.

Mir sinn och hei mat engem Gesetz konfrontéiert, wou am Fong déi éischte Kéier dat Wuert „Centre pénitentiaire pour mineurs“ ernimmt gëtt. Mir hunn awer, mengen ech, d'Geleeënheet verpasst, esou, wéi mer et bei deenen anere véier Zentere gemaach hunn, och d'Missiounen an effektiv d'Objektiv vum Centre pénitentiaire pour mineurs ze definéieren, well hei ass am Fong eng komplett nei staatlech Verwaltung, déi entsteet, mat enger ganzer Rei, wéi gesot, Missiounen, déi se kritt.

Mir wäerte jo hei, mengen ech, an der Kommissioun och nach iwwert déi dräi Projet-de-loien, souwuel an der Justiz wéi och an der Éducation nationale, iwwer e Stroferecht ronderëm d'Mineuren, awer och de Jugendschutz diskutéieren. Do hu mer vläicht nach eng Kéier och hei d'Geleeënheet, well mer schonn e puermol an der Justizkommissioun gefrot hunn, wou d'Texter dru sinn, wéini mer deementspreechend domadder befaasst ginn. Well et ass jo e bëssen eng Suite logique.

Haut stëmme mer wierklech de Centre pénitentiaire pour mineurs mat den Astellunge vum Direkter a vum Soudirekter. Da kennt de Bau. Da kommen, mengen ech, déi dräi Gesetzer ronderëm d'Stroferecht, ronderëm d'Mineuren, an och deementspreechend de Jugendschutz. Also et ass, wéi gesot, eng Suite logique.

Ech mengen, et ass wichteg, dass mer dee Centre pénitentiaire pour mineurs kréien, fir dass déi Jugendliche net weider op Schraasseg och, wéi gesot ...

(Problème de sonorisation)

... hate mer an der Justizkommissioun mam Rapport, deen den Ombudsman gemaach huet, ronderëm d'Unisec (veuillez lire: Ech mengen et ass wichteg, dass mer dee Centre pénitentiaire pour mineurs kréien, fir dass déi Jugendliche net weider op Schraasseg ginn. Wéi gesot, d'Situatioun hate mer ugeschwat an der Justizkommissioun mam Rapport, deen den Ombudsman gemaach huet ronderëm d'Unisec).

Ech mengen, dass do deementspreechend och ganz vill positiv Usätz sinn. Also, mengen ech, sinn eng ganz Rei Elementer an dëser Diskussioun, wou haut am Fong och e bëssen ee vun deene villen Optäkt ass. Wéi gesot, et ass wichteg, dass mer déi heiten Dossierer och mat, mengen ech, enger gewëssener Gewëssheet weiderdreien.

An ech fannen, wéi gesot, dass mat enger gewëssener Nonchalance awer verpasst gouf, ganz kloer d'Missiounen an d'Objektiv hei ze definéieren vun dësem neie Centre pénitentiaire pour mineurs. Mee, wéi gesot, mir wäerten et matstëmmen an hei weider um Ball bleiwen.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Biancalana. Här Hardy.

M. Dan Hardy (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech huelen och e bësse méi wäit aus, änlech wéi den Här Biancalana.

D'Schafe vun engem Droit pénal fir Mannerjäreger an och e Prisong speziell fir Jugendlecher, dat sinn definitiv Sujeten, déi scho méi laang am Raum stinn. Et kennt een net derlaanscht, dëst och vun engem aneren, an zwar dem gesellschaftleche Bléckwénkel ze kucken. An Zäiten, wou et ëmmer méi Fäll vu gewalttätege Jugendleche gëtt, muss dee Problem op alle Fall méi konsequent ugepaakt ginn, och eebe grad, wat d'Gewaltpräventioun ugeet. Da kéinte kriminell Doten op d'mannst zum Deel vu virera verhënnert ginn.

An dobäi muss ee sech och d'Fro stellen, wou eis Gesellschaft histeiert. Sécher ass, dass mir et mat engem gesellschaftleche Phänomeen ze dinn hunn, deen eis zum Handeln zwéngt – firwat soss e Code pénal an e Prisong spezifesch op d'Mooss fir Mannerjäreger maachen?

Et ass begrëssenswäert, dass d'Regierung an dëser Saach eng nei gesetzlech Basis ausschafft. Ma trotz allem muss ee feststellen, dass et un enger Transitiounsleisung feelt.

Wann et ëm Kanner a Jugendlecher geet, da geet et an engem och ëm d'Zukunft vun eiser Gesellschaft.

Dofir sollte mir all néideg Hiewelen a Beweegung setzen, fir dass dat entsprechend Gesetz séier a Kraaft triede kann.

Mir soen op alle Fall Jo zu dësem Gesetzesprojet. Ech soen Iech Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Hardy. D'Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Mir ginn natierlech och den Accord zu dësem Text. Déi Erfahrungen, déi gemaach gi waren um Uerschterhaff ware wierklech ganz pertinent. Ze gesinn, dass den Direkter, den zukünftigen Direkter, scho kann de Chantier mat begleeden, dat ass, denken ech, extreem, extreem wichteg.

Dir kennt eis vläit nach eng Kéier d'Erklärungen och ginn, Madamm Minister, wou de Projet méi konkret drun ass, dee war jo och schonn an der leschter Legislaturperiod ugefaange ginn, an och vläit nach eng Kéier soen: Wéi ass et mat der Implikatioun vum OKaJu a vum Ombudsman och an deem Projet? Well dat eent ass d'Direktioun, dat anert sinn awer och déi Leit, déi herno eng Evaluatioun, eng Appreciatioun dovunner maachen.

An natierlech, Dir wësst, ech stellen d'Fro bal an all Justizkommissioun: Wou sinn d'Texter drun? Et hat ee Moment geheescht: „grouss Vakanz“, dunh huet et geheescht: „Enn des Joers“, dunh huet et geheescht: „Fuesvakanz“. D'lescht Woch sot Der eis och erëm: „ganz geschwënn“. An bon, ech hunn elo nach eng Kéier séier gekuckt, den Avis vum Staatsrot, deen ass vum 1. Juni 2023; deen huet also elo bal zwee Joer, an dat ass plus ou moins déi Zäit, wou mer um Text geschafft hunn. Dat heescht, et wär vläit effektiv un der Zäit, déi Amendementen ze bréngen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Här Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Vu dass eng ganz Rëtsch Virriedner wäit ausgeholl hunn, kann ech mech kuerzfaassen an den Accord vun de Piraten fir dësen Text ginn.

(Interruption et hilarité)

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk) | Jo, zum Ofschloss kann ech Iech déi Freed net maachen. Mir wäerten eis bei dësem Projet enthalten wéinst, notament, där Fro, déi och den Här Biancalana opgeworf huet. Ech fannen et nämlech effektiv schwierig, hei Posten ze kreéieren, wann d'Essenz vun deem, wou deen Direktiounskomitee dann aktiv soll sinn, eigentlech net definéiert ass. Ech sinn awer och net dergéint, mee duerfir wäerte mer eis enthalten.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Baum.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Madamm Ministesch.

Prise de position du Gouvernement

Mme Elisabeth Margue, Ministre de la Justice | Merci, Här President. Wéi Der wësst, ass effektiv an der Reform vum Jugendstroferecht d'Schafe vun engem Jugendprisong virgesinn. Mir komme relativ gutt weider an der Planung vun dësem Jugendprisong. Dat maache mer zesumme mat der Administration des bâtiments publics, soudatt mer nach virum Summer den Avant-projet sommaire wäerte kënnen fäerdgestellen.

An d'Iddi ass, den neien Direkter an Adjoint scho kënnen ze rekrutéieren, eebe justement, well mer beim Uerschterhaff déi gutt Erfahrung gemaach hunn an den neien Direkter dann och kann déi konzeptuell Mise en place vun dësem Prisong begleeden.

Et ass och esou, datt den Text eng Entrée en vigueur différée fir de Jugendprisong virgesäit. An an deem Sënn wëlle mer deem virgräifen, andeems mer eis hei schonn direkt richtig opstellen.

Ech soen Iech Merci awer fir déi grouss Ënnerstëtzung vun engem klengen, mee wichtege Projet. En hänkt zesumme mat där gréisserer Reform vum Jugendschutz a Jugendstroferecht, déi ënnerwee ass, wou mer an der dernière Ligne droite sinn, fir kënnen de Regierungsrot mat Amendementer ze saiséieren.

Dat huet eng Zäit gedauert – dat ass ganz richtig. Dir wësst awer ganz gutt, datt et dräi Texter sinn, wou eng Hellewull un Opposition-formellë waren – et géif ee bal soen: e katastrophalen Avis –, soudatt een eigentlech nëmmen draus léiert, datt ee besser huet, et hëlt ee sech Zäit, fir et gutt ze maachen, an der Hoffnung, datt mer da méi schnell derduerchkomme bei der zweeter Navette.

Op alle Fall ass et eng Prioritéit a mir schaffen intensiv drun. A bis dohinner: Merci fir d'Ënnerstëtzung fir deen heite Projet.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Minister.

Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8488 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8488².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8488 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, 2 Abstentionen. Dëse Projet de loi ass also ugehall mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Maurice Bauer (par M. Laurent Mosar), Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par Mme Octavie Modert), Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Stéphanie Weydert), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt (par M.

André Bauler), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz (par Mme Taina Bofferding), Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

Domat si mer dann och um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. D'Chamber kennt muer de Moien um 9.00 Auer nees zesummen.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(La séance publique est levée à 17.52 heures.)

71^e séance

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

p. 35

M. Claude Wiseler, Président

2. Débat de consultation au sujet du processus de consultation portant sur la viabilité à long terme de notre système des retraites

p. 35

Exposé : Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

Débat : M. Alex Donnersbach | M. Gérard Schockmel (interventions de M. Sven Clement, M. Mars Di Bartolomeo, M. Patrick Goldschmidt et M. Marc Baum) | Mme Taina Bofferding (intervention de M. Gilles Baum) | Mme Alexandra Schoos | Mme Djuna Bernard (interventions de M. Mars Di Bartolomeo et M. Yves Cruchten)

Présidence : M. Claude Wiseler, Président ; M. Fernand Etgen, Vice-Président

Au banc du Gouvernement : M. Luc Frieden, Premier ministre ; M. Gilles Roth, Mme Martine Deprez, M. Serge Wilmes, Ministres

(La séance publique est ouverte à 09.00 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Claude Wiseler, Président | Ech maachen d'Sëtzung op.

2. Débat de consultation au sujet du processus de consultation portant sur la viabilité à long terme de notre système des retraites

Op eisem Ordre du jour vun de Moie steet d'Consultationsdebatt iwwert déi laangfristeg Viabilitéit vun eisem Pensiounssystem. D'Riedezäit ass nom

Modell 5 festgeluecht an deemno follgendermoossen opgedeelt: D'Regierung huet 100 Minutten, d'CSV huet 155 Minutten, d'DP 120, d'LSAP 110, d'ADR 75, déi gréng 50, d'Piraten an déi Lénk hu 25 Minutten an duerno huet d'Regierung nach eng Kéier 100 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Alex Donnersbach, den Här Gérard Schockmel, d'Madamm Taina Bofferding, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här Marc Spautz. D'Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet, d'Madamm Martine Deprez, huet elo d'Wuert. Madamm Deprez, et ass un Iech.

Exposé

Mme Martine Deprez, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Merci, Här President. Här

Premierminister, léiwe Kolleeg Minister, léif Deputéiert alleguerten, ech wéilt de Moien ufänke mat enger Citatioun:

„Notre régime général d'assurance pension est financièrement solide et continuera à l'être au cours des prochaines années. Toutefois, l'évolution démographique est semblable à celle de nombreux autres pays et la croissance de l'emploi ne pourra pas compenser cette évolution à l'infini. Dès lors, des défis se posent sur le long et surtout le très long terme, défis que nous devons évidemment aborder pour trouver des solutions adéquates. C'est ainsi que le Gouvernement a décidé, outre le maintien du taux de cotisation à 24 % pour la période de couverture 2023-2032, de demander au Conseil économique et social d'analyser, discuter et de proposer des pistes qu'il estime envisageables à l'avenir. Le Conseil économique et social est l'organe idéal pour avoir de tels échanges à ce stade, car il regroupe en son sein les forces vives de la nation. Il est important que le Gouvernement et les partenaires sociaux abordent ce sujet essentiel pour que toutes les générations puissent bénéficier d'un système de pensions qui offre une protection adéquate.“

Dixit Claude Haagen bei der Presentatioun vum Bilan actuariel 2022 de 26. Abrëll vun deem selwechte Joer, ronn zéng Joer nom Akraafttriede vun der Reform vun 2012, also 2022, wéi de Bilan presentéiert ginn ass. An dat Gesetz vun 2012 huet schonn eng Rëtsch Adaptatioun gemaach, wou e puer Schrauwen en place gesat goufen, déi gräife sollten, ier de System an d'Laberente kënnt. Wat huet déi Reform elo 2012 en place gesat vu Schrauwen, fir datt dee System net an d'Laberente sollt kommen? 2026 wäerten, laut den neiste Projektiounen, d'Cotisationen net méi duergoen, fir d'Prestatiounen ze bezuelen. Wat geschitt dann, laut der Reform vun 2012?